**Fédération des Victimes du Nazisme Enrôlées de Force** a. s. b. l.

REPRÉSENTANT: L'ASSOCIATION DES PARENTS DES DÉPORTÉS MILITAIRES LUXEMBOURGEOIS LA LIGUE LUXEMBOURGEOISE DES MUTILÉS ET INVALIDES DE GUERRE 1940-45 · L'AMICALE DES ANCIENS DE TAMBOW · L'ASSOCIATION DES ENRÔLÉS DE FORCE VICTIMES DU NAZISME

Organe officiel:
**„Les Sacrifiés"**
Bulletin mensuel

Boîte postale No 2415
LUXEMBOURG-GARE

Compte chèque postal No 3 13 29

Luxembourg, le 29.5.1979
9, rue du Fort Elisabeth

Kommerodinnen, a
Kommeroden aus dem Féderatio'ns-Comité,

Déi gré'sst Suerg dé' mir hun a wo' mir ons all net lânscht ons Responsabilité't drékken kennen ass d'Opklärung vun all Member, oder méi genau gesôt, vun all enrôlé de force, oder seng Hannerbliwen, wât den 10. Juni um Spill stôt. Mir si responsabel fir dass alles ennerholl gett domadden ech jidder enrôlé, jidder Witfrâ an all Familje vun onsen ongléckleche Kommerodinnen a Kommeroden iwer d'Situatio'n informé'ert gett. Wé' d'Resultat vum 10. Juni ausfällt, doeriwer droen d'enrôlés an hir Frënn selwer hir Verantwortung, jidder énzelnen.

Dofir, op ons Arbecht zeréck:

1. Mir mussen suergen dass dé' zwét Ausgab vum "Sacrifiés" fir all Stôd och un all Stôd kent.
2. Mir mussen suergen dass all dé' persé'nlech Bré'f och tatsächlech un d'Adressenten verscheckt gin.

Dest bedingt eng Organisatio'n mat dé'er sech d'Kommerodinnen a Kommeroden unhuelen dé' net op ânerer Plätzen am Interessi vun den enrôlés de force engagé'ert sinn. Well mir persé'nlech ele schons bis zum 9. Juni kén Owend mé' frei ass, kann ech kenger Féderationssitzung mé' firsetzen. Ech gé'f dofir heimadden de Bolmer Jemp bieden desen Arbechten firzestoen, ze organisé'eren an déi né'deg Arbechtssetzungen anzeruffen. Fir dass jidderén geseit wo' ons verschidde Leit Owens agesât sinn hei de Programm:

Méndes 28. Mé Ettelbreck, Gemengesall, 20.oo Auer: Weirich+Olsem+Kand.Norden

Denschdes 29. Mé Rambrouch, Gemengesall, 20.oo Auer: Weirich+Olsem+Kand.Norden

Grevenmacher, Café Sertznig, 20.oo Auer: all Kandidaten aus dem Osten

Mettwoch 30. Mé Diekrech, Café Infalt, 20.oo Auer: Weirich+Olsem+Kand.Norden

Donneschdes 31. Mé Kischen, Musekssall, 20.oo Auer: all Kand. aus dem Süden

Freides 1. Juni, Téteng, Café Troes, 20.oo Auer: all Kand. aus dem Süden

Wasserbelleg, Café Kiem, 20.oo Auer: all Kand.aus dem Osten

Samschdes 2. Juni Monnerech, 20.oo Auer: all Kand.aus dem Süden

Denschdes 5. Juni Woltz, Hôtel Commerce, 20.oo Auer: Weirich+Olsem+Kand.Norden

Mettwoch 6. Juni Clierf, Hôtel Nations, 20.oo Auer: Weirich+Olsem+Kand.Norden

Echternach, Hôtel International, 20.oo Auer: all Kand. aus dem Osten

Donneschdes 7. Juni Remeleng, 20.oo Auer: all Kand. aus dem Süden

**Fédération des Victimes**
**du Nazisme Enrôlées de Force** a. s. b. l.

REPRÉSENTANT: L'ASSOCIATION DES PARENTS DES DÉPORTÉS MILITAIRES LUXEMBOURGEOIS
LA LIGUE LUXEMBOURGEOISE DES MUTILÉS ET INVALIDES DE GUERRE 1940-45 - L'AMICALE
DES ANCIENS DE TAMBOW - L'ASSOCIATION DES ENRÔLÉS DE FORCE VICTIMES DU NAZISME

Organe officiel:
„Les Sacrifiés"
Bulletin mensuel

Boîte postale No 2415
LUXEMBOURG-GARE

Compte chèque postal No 3 13 29

Luxembourg, le
9, rue du Fort Elisabeth 29.5.1979



**Donneschdes 7. Juni Mondorf, Gemengesall, 19.3o Auer; all Kand. aus dem Osten**
**Freides 8. Juni Letzebuerg, Rest.Foire, 20.oo Auer: All disponibel Kandidaten**

Et geséit én heieraus wien, wo' dén Owend ass. All åner giff ech bieden net mat Ausrieden ze kommen an dem Jemp zur Verfügung ze stoen. Ech brauch wuel net drun ze erenneren dass jidderén vun ons seng Responsabilité't als Member vum Féderatio'ns-Comité droe muss an zwar vis-à-vis vun senger égener Cause.

Fir op d'Arbecht zereck ze kommen well ech a gro'ssen Zich rappelé'eren dass:

1. All persé'nlech Bré'wer eben vun åner Kommerodinnen a Kommeroden verschéckt musse gin, wann eng Sektio'n versét oder an dé'er Gé'gend kent Sektio'n do ass.
2. Dén 2. "Sacrifiés" gett iwerall do mat der Post verschéckt, wo' en net ausgedroen gett vun Leit déi sech formell heifir engagé'ert hun. Als leschten Termin mussen des Päck den 5. Juni Owens um 6 Auer op der Post leien.
3. Fir des Arbechten sinn och åner Kommerodinnen oder Kommeroden, wann no'twendeg erunzezé'en dé' net am Féderatio'ns-Comité sinn.

Ech hoffen dass nom 10. Juni kén vun ons sech e Reproche ze mâchen brauch.

Fröndschaftlech.